N°1980
Entrée le 26.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.02.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Februar 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden.

D'Iwwerwaachung duerch d'VISUPOL (Vidéosurveillance à des fins policières) krut am Joer 2021 e klore legale Kader. An deem Kontext wär et intressant ze wëssen, wéi effizient dëse System bei der Kriminalitéitsbekämpfung ass a wéi sech d'Zuel vun den Affairen entwéckelt huet.

Dowéinst wollt ech dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

1. A wéi ville Affaire goufen - opgeschlësselt no de Joren 2021, 2022, 2023 an 2024 – Biller vu VISUPOL benotzt?
2. Kann den Här Minister präziséieren, wéi eng Aart vu Verstéiss vu VISUPOL opgezeechent goufen?
3. Ass an den Ae vum Här Minister eng Tendenz erkennbar, datt d'Zuel vun den Delikter, déi duerch VISUPOL opgezeechent goufen, an d'Luucht geet an ass an den Ae vum Här Minister eng Tendenz erkennbar, datt d'Natur vun den Delikter sech aggravéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1980 vum 26. Februar 2025 vum honorabelen Députéierten Fred Keup zum Sujet « Vidéosurveillance à des fins policières »**

**Fro 1 : A wéivillen Affären goufen – opgeschlësselt no de Joren 2021, 2022, 2023 an 2024 – Biller vu VISUPOL genotzt**

D'Zuel vun den Affairen bei deene Biller vu VISUPOL "à des fins policières" benotzt goufen ass follgend:

| | |
|---|---|
| 2021 | 460 |
| 2022 | 457 |
| 2023 | 463 |
| 2024 | 638 |

**Fro 2): Kann den Här Minister präziséieren, wéi eng Aart vu Verstéiss vu VISUPOL opgezeechent goufen?**

D'Police ka keng exhaustiv Lëscht vu Verstéiss uginn déi vu Visupol opgezeechent ginn, well VISUPOL an de verschiddenen Zone fortlafend opzeechent, mat Ausnam vun der Zone D - Stade National. Eng selektiv Opzeechnung a Fonctioun vum Typ vun Infraktioun ass domat net méiglech. Bei der Zone D – Stade National, gëtt d'Opzeechnung ausserdeem just punktuell bei engem bestëmmten Evenement lancéiert.

D'Police kann awer matdeelen wéi eng Typpe vun Infraktiounen an den Demanden viséiert sinn, déi un de Service VISUPOL gestallt goufen:

- Affaires de vandalisme
- Affaires liées aux drogues
- Atteintes aux mœurs
- Cambriolages
- Violences envers les personnes
- Vols avec violences
- Vols liés aux véhicules
- Autres vols
- Autres affaires

**Fro 3): Ass an den Ae vum Här Minister eng Tendenz erkennbar, datt d'Zuele vun den Delikter, déi duerch VISUPOL opgezeechent goufen, an d'Luucht geet an ass an den Ae vum Här Minister eng Tendenz erkennbar, dass d'Natur vun den Delikter sech aggravéiert ?**

Wéi an der Äntwert op d'Fro 2 vermierkt ass, muss ënnerscheet ginn tëscht Demandë fir d'Benotzung vu Biller déi am Kader vu Visupol opgeholl ginn an den Infraktiounen déi opgeholl ginn. Am Verglach zu de

Joren 2021 bis 2023, ass am Joer 2024 eng Hausse vun den Demanden un de Service VISUPOL festzestellen.

D'Kriminalitéitsstatistik, déi déi verschidden Typpe vun Infraktioune beinhalt, gëtt all Joer am Fréijoer ëffentlech gemaach.

VISUPOL huet och eng preventiv Roll, déi net duerch Zuele moossbar ass. Mam Gesetzesprojet, deen den 18. Mäerz deposéiert ginn ass, sollen d'Prozeduren an d'Benotzung vu Visupol vereinfacht ginn.

Lëtzebuerg, den 26. Mäerz 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN